GEMENG JONGLËNSTER

Réunion 14/2024

# Commune de Junglinster

**Commission consultative de la Nature, Energie et de l'Environnement**

**Rapport de la réunion du 12.12.2024**

| | |
|---|---|
| Lieu de réunion : | Op Fréinen à 19.00 H |
| Début de la réunion | 19.00H |
| Invités | [redacted] |

## Ordre du jour :

1. Compte rendu vum 10.10.2024 an vum 30.10.2024
2. Debriefing Dag vum Bam
3. Feedback Energiekarawan
4. Poubellesprëch
5. Avis "subside Pampers"
6. Grouss Botz 2025
7. Divers

### 1. Rapport Reunioun 10.09.2024 an 30.10.2024

D'Rapports'e vun de Réunioune vum 10ten september 2024 an vum 30ten Oktober 2024 sin approuvéiert.

## 2. Debriefing Dag vum Bam

Mir mussen oppassen dat de Speach op enger Sprooch as déi all Mënsch versteht.

D'Idee vun de Stecklingen déi mer ausgedeelt haten war super gut ukomm. Wa mer dat nächst Joer nachengkéier man da misst ee just kuken dat mer biodegradabel Dëppen kréien.

Allgemeng schéngt d'Evenement awer gut ukomm ze si bei de Leit.

## 3. Feedback Energiekarawan

All Mënsch ass ferdeg, mer hu just nach kee Feedback krit vun de Réckmeldungen déi finalement vun de kontaktéierte Lait rakomm sin. Dee kréie mer am naie Joer.
Et sin em di 150 Stéit kontaktéiert ginn. D'Lait waren en général ganz oppen an frëndlech a surtout intresséiert.

Et misst een dono engkéier réévaluéiren, par rapport zum Output an dem Arbeschtsopwand. Mir kréie jo den Feedback vum Berooder, an wat da finalement am Endeffekt rauskennt, da kann een do eng Conclusioun desbezüglech zéihen.

## 4. Poubellesprëch

RAS

## 5. Avis Subside Pampers

D'Kommissioun verfaasst, op Demande vum Gemengeroot, en Avis bezüglech engem “Subside Pampers”, wou d'Grondidée déi wier fir eng Erliichterung ze fanen fir déi Stéit déi Pampers'e benotzen, sierf et fir Bëbé'en oder fir eeler Persounen déi dodrop ugewise sin.

Mir hun lo en Dokument crééiert an eisem SigiDrive wou all Member vun der Kommissioun drop Accès huet, wou mer Brainstormen iwert déi verschidde Sujets'en a Méiglechkeeten wéi een sou e Subside kéint emsëtzen.

Spéitstens Enn Januar miste mer do en Draft hun.

## 6. Grouss Botz 2025

**29te März 2025**

Cf. Rapport vum 30.10.2024. Déi nächst Réunioun'e gi mer weider op d'Organisatioun vun der Grousser Botz an.

## 7. Divers

D'Idée ass opkomm fir éventuell iwert de Sujet "Schottergärt" en avis ze machen, étant donné dat et do Subside gëtt fir déi Gärt déi virum leschte Réglement scho Schottergärt waren, ze änneren.

D'Idée ass och opkomm fir Staudenpäck ze verdeelen, déi an e grousst d'Dëppe passne.

De [redacted] huet nach mat op de Wee gin dat de Fairtrade Label ugefrot gëtt wou temporair eng Ekipp gesicht gëtt fir dëst ze begleeden, Avis aux amateurs.

Desweidere fuere mer den Atelier firun, vun der Fresque du climat, dee mam Atelier Deux Tonnes firu gefuer gëtt vum [redacted]. Dofir ass lo schon eng Session geplangt 2ten Abrëll.

## 8. SIAS

[redacted] vum SIAS huet eis e Rapport gemach, wat ass 2024 gelaf a wat geschitt 2025, respektiv wat de SIAS déi nächst Joeren vu Missiounen huet.

De Rapport ass circuléiert gin tescht de Membre vun der Commissioun.

## 9. Nächst Réunioune

Nächst Réuniounen dann um **19.30**:

| **Wéini** | **Wou** | **Beschreiwung** |
|---|---|---|
| | | |
| 23.01.2025 | Buvette Op Fréinen | 15t réunioun |
| 27.02.2025 | Buvette Op Fréinen | 16t réunioun |
| 29.03.2025 | | **Grouss Botz** |
| 02.04.2025 | Buvette Op Fréinen 1800 | **Atelier deux tonnes** |
| 24.04.2025 | Buvette Op Fréinen | 17t réunioun |
| 12.06.2025 | Buvette op Fréinen | 18t réunioun |
| 17.07.2025 | Buvette Op Fréinen | 19t réunioun |

Eis nächst Reunioun ass en Mettwoch, den 23.01.2024 um 19.30 an der Buvette "Op Fréinen"

Mat frëndleche Gréiss.

Nora Dupont
Sekretärin

Boden Jean
President